# D'Europäescht Joer vum interkulturellen Dialog

*Am September 2004 hat de Jan Figel, fir Kultur zoustännegen EU-Kommissär eng éischte Kéier am Europäesche Parlament d'Iddi fir e „Joer vum interkulturellen Dialog" lancéiert, an de 5. Oktober 2005 huet d'Kommissioun zesumme mam Parlament d'Propositioun opgegraff a fir 2008 festgehalen. A Präsenz vum Kommissiounspresident José Manuel Barroso an dem slowenesche Ministerpresident Janez Jansa huet den 8. Januar offiziell zu Ljubljana dat „Europäescht Joer vum interkulturellen Dialog" ugefaang. An der Kulturchronik liwwert de Claude Mangen Detailer zu dësem Evenement.*

Claude Mangen

„Europa steet um Ufank vum 21. Joerhonnert virun neien Erausfuerderungen – et muss zu enger interkultureller Gesellschaft zesumme wuessen, opgebaut um Fëllement vun engem respektvollen a gläichberechtegten Dialog tëscht eenzelne Mënschen oder Gruppe mat ënnerschiddleche kulturellen Hannergrënn. Mir wëllen iwwer eng multikulturell Gesellschaft erauswuessen, an däer Kulturen einfach nëmme coexistéieren. Toleranz eleng geet net méi duer! Mir all mussen den Ustouss liwweren, fir eng wierklech Verwandlung vun eiser Gesellschaft, fir datt endlech en interkulturellt Europa kann entstoen an deem sech déi verschidde Kulturen konstruktiv austauschen an interagéieren. De Respekt virum Mënsch a seng Éier musse Patrimoine Collectif ginn." Mat dësen Iwwerleeungen huet de Jan Figel am Dezember 2007, d'Joer vum interkulturellen Dialog an de Medie presentéiert. A la bonne heure!!

Elo hate mer d'Kulturjoer 2007 gepackt an de Stress op Däiwel komm eraus mussen eng Grossregioun ze ginn, bëssen ofgebaut, scho lauert déi nächst Utopie op eis europäesch Weltbierger. Während dem Joer 2008 sinn europawäit Aktivitéite geplangt, bei deenen d'Interaktioun vu de Kulturen am Mëttelpunkt steet, d'Bezéiungen tëscht Vëlker a Relioune solle verdéift a gefuerdert ginn, Versteesdemech, Toleranz, Solidaritéit an d'Gefill, datt all EU-Bierger zesummengehéieren, egal aus watfir engem soziale Millieu ee kënnt. Viséiert si Kultur, Konscht, Bildung, Fuerschung, nohalteg wiertschaftlech Entwécklung a Medien, Migratioun, Méisproochegkeet a Reliounen.

Fir dës europäesch Botschaft efficace an de 27 Memberstaaten ze missionéieren, gi siwe richtungsweisend EU-Projete lancéiert an all Land proposéiert een nationale Projet, un deem sech d'Bierger sollen, kënnen, musse bedeelegen. Um offizielle Site www.interculturaldialogue2008.eu annoncéiert sech Lëtzebuerg mam Projet „Culture en dialogue": «Les objectifs généraux du projet visent à systématiser le débat sur le dialogue interculturel au sein de la société luxembourgeoise et à créer des plateformes de réflexion et d'action autour des thèmes des trois conférences prévues – Cloisonnement entre communautés et sociétés parallèles, transfrontalisme, culture intergénérationnelle.» Dat ass jo scho richteg konkret!

Fofzéng renomméiert Perséinlechkeeten aus dem kulturelle Liewe sinn Ambassadeur vum Europäesche Joer vum interkulturellen Dialog, dorënner de Charles Aznavour, Paulo Coelho, Luc Dardenne, Jack Martin Händler, Henning Mankell oder och nach de Jordi Savall. Si gi sech 2008 besonnesch gutt drun, fir d'Iddi vum interkulturellen Dialog ze representéieren. All dës Initiative gehéieren zum Finanzéierungsprogramm vun der Kommissioun an de Beräicher Bildung, Kultur a Jugend. No 2008 geet et virun a bis 2013 sinn heifir 8,6 Milliarden Euro disponibel.

*De Claude Mangen ass Coordinateur vum Programm radio 100,7. Kulturchronik um radio 100,7 all dënschdes um 7.55 an 12.50 Auer.*

Engem EU-Sondage no hunn zwee Drëttel vun den Europäer dagdeeglech op d'mannst mat enger Persoun Kontakt, déi en anere reliéisen, ethneschen oder nationalen Hannergrond huet, wéi si selwer. Iwwer 70% vun de Befroten emfannen dat positiv a beräichernd. Deemno ass interkulturell Interaktioun eppes Alldeegleches an Europa – eppes normales. 10 Millioune kascht d'Joer vum interkulturellen Dialog. Ongeféier d'Halschent geet a Publizitéitskampagnen, Informatiounsmatérial, en aneren Deel a grouss Manifestatioune mat Promotiouns-Charakter a just ee Véirel ass finanziell Bedeelegung un nationalen Aktiounen.

Et ass interessant, wéivill d'EU investéiert fir Europa mat aller Force eng Séil ze ginn an eis aner zu aktiven a weltoffenen Uniounsbierger ze forméieren. Mir mécht dat Angscht.

radio 100,7 *Kulturchronik vum 8.1.2008*


## Eau, service public à vendre

**Projection d'un documentaire de Leslie Franke et Hermann Lorenz**

13 février 2008 à 19 heures
Centre culturel de rencontre Abbaye de Neumünster (salle A11)

La projection sera suivie d'un débat avec Raymond Klein, journaliste au *woxx*, et Marco Gandarillas, directeur du Centro de Documentación e Información Bolivia.

Organisation : Chantiers de la citoyenneté, coorganisés par les Amis du Monde diplomatique Luxembourg et ATTAC Luxembourg

forum

Gutschein für die kommenden drei Ausgaben

Name:..........................................................................

Vorname:......................................................................

Adresse:.......................................................................

...................................................................................

Tel.:................................ E-Mail:....................................

Bitte ausfüllen und einsenden an:
*forum* a.s.b.l.
52, route d'Arlon
L-1140 Luxembourg
Tel.: + 352 42 44 88
E-Mail: forum@pt.lu



**forum**

für Politik, Gesellschaft und Kultur

gegründet 1976
Herausgeber: *forum* a.s.b.l.
Durchschnittliche Auflage: 1 900 Expl.
10 Ausgaben im Jahr
ISSN 1680 - 2322

**Ständige Mitarbeiter**
Jean-Paul Barthel, Lex Folscheid, Olivier John, Thomas Köhl, Michel Pauly, Jürgen Stoldt, Viviane Thill

**Koordination** Lynn Herr

**Autoren dieser Ausgabe**
Paul Delaunois, Fernand Fehlen, Charles Goerens, André Hoffmann, Raymond Klein, Claude Kohnen, Serge Kollwelter, Jean Lichtfous, Claude Mangen, Robert Mehlen, Olaf Münichsdorfer, Roger Negri, Michel Pauly, Marc Reiter, Luc Reuter, Marco Schank, Anne Uhrmacher, Paul Zahlen

**Interviewpartner dieser Ausgabe**
François Bausch, Jean Huss, Monique Kieffer, Sam Tanson

**Originalillustrationen** Oli John

**Druck** c.a.press, Esch/Alzette



Namentlich gezeichnete Artikel geben nicht unbedingt die Meinung der Redaktion wieder. Nachdruck und elektronische Verbreitung von *forum*-Beiträgen nur mit ausdrücklicher Genehmigung.
© 2008 by *forum* a.s.b.l.



**Bezugspreise**

| | |
|---|---|
| Einzelheft | 6 Euro |
| Jahresabonnement | 50 Euro |
| Jahresabonnement im Umschlag | 62 Euro |
| Studenten, Arbeitslose und Geschenkabonnements | 38 Euro |
| Jahresabonnement im Ausland | 62 Euro |

Überweisungen auf das *forum*-Postscheckkonto
IBAN LU83 1111 0611 5444 0000
mit dem Vermerk „Neuabo ab Nr …"
und vollständiger Adresse.

Wir danken der *forum*-Fördergemeinschaft, dem Ministère de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche und dem Fonds national de la recherche für die finanzielle Unterstützung.

**52, route d'Arlon**
**L-1140 Luxembourg**
**Tel.: 42 44 88 Fax: 42 44 99**
**E-Mail: forum@pt.lu**
**Bürozeiten: Montag bis Freitag, 9-12 Uhr**

**www.forum.lu**